N° 4460
Reçue le 11.06.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 11.06.2021

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Ekonomie weiderzeleeden.

An der ëffentlecher Diskussioun em d'Diddelenger Stolwierk gëtt ëmmer rëm d'Méiglechkeet vun enger Verstaatlechung an d'Spill bruecht, zu lescht am Artikel "Warum Liberty Steel nationalisiert werden sollte", deen de 5. Mee an der Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek publizéiert gouf. Nodeems d'Wierk fir d'éischt duerch eng Entscheedung vun der EU-Kommissioun an ekonomesch Schwieregkeete bruecht gouf, gëtt lo driwwer diskutéiert, d'Wierk iwwer national Mëttelen ze retten. Idealerweis géif lo en Investor dës u sech gesond Wierk iwwerhuelen, mee och hei steet de Risiko vun engem Desaccord aus Bréissel am Raum. Dee wichtegste Verméigenswäert vun enger moderner Ekonomie, nämlech Vertrauen, kënnt sou ëmmer méi ënnert d'Rieder. Dat em sou méi, well aktuell keen zu Bréissel fir sou eng wäitreechend Feelentscheedung kann haftbar gemaach ginn. A menger parlamentarescher Fro Nummer 4121 hunn ech d'Regierung duerfir gefrot, wéi si sech zu enger zukünfteger Haftbarkeet vun der EU-Kommissioun analog zu enger "Responsabilité de l'Etat" also enger zivillrechtleche Haftbarkeet vun der EU- Kommissioun positionéiert, mee d'Regierung ass an hirer Äntwert op dee wichtege Punkt net agaangen.

Duerfir géif ech der Regierung nach gär des Nofro stellen:

1) Ass d'Regierung wëlles, besonnesch am Dossier vum Diddelenger Stolwierk, och nach zukünfteg Entscheedunge vun der EU-Kommissioun matzedroen, och wa si selwer déi Decisiounen als Feeler empfënnt an och mat dem Risiko vun engem weidere grousse Schued fir déi Lëtzebuerger Ekonomie?
2) Wéi eng EU-politesch Léier zitt d'Regierung aus dëser Affär? Ass d'Regierung wëlles an der Konsequenz eng international Initiativ zesummen mat aneren EU Staaten ze huelen fir d'Traitéën an dem Sënn ze änneren, datt d'EU zivillrechtlech haftbar fir hir Decisioune ka gemaach ginn?
3) Kéint d'Regierung sech virstellen, d'Diddelenger Stolwierk schlëmmstefalls provisoresch ze verstaatlechen, bis e privaten Investor et mat der néideger Rechtssécherheet kann iwwerhuelen?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

N°4437 et 4460
Reçue le 30.06.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Luxembourg, le 29 juin 2021

Le Ministre de l'Économie
à
Monsieur le Ministre aux
Relations avec le Parlement

**L-2450 LUXEMBOURG**

Réf. : QP4460-QP4437-02/SW-rg

**Objet**: **Questions parlementaires n°4460 du 11 juin 2021 et n°4437 du 8 juin 2021 de Monsieur le Député Roy Reding**

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse aux questions parlementaires reprises sous rubrique.

Pour le Ministre de l'Économie

Luc Decker
Conseiller

Dossier suivi par : Stéphanie Wagemans, tél : 247-88425 ; email : stephanie.wagemans@eco.etat.lu



19-21, boulevard Royal
L-2449 Luxembourg
TVA LU 158 52 112

Tél. (+352) 247-82478
Fax (+352) 46 04 48
IBLC 158 52 112

Adresse postale:
L-2914 Luxembourg

info@eco.public.lu
www.gouvernement.lu/meco
www.luxembourg.lu

**Réponse de Monsieur le Ministre de l'Économie, Franz Fayot, à la question parlementaire n°4460 du 11 juin 2021 et à la question parlementaire n°4437 du 8 juin de Monsieur le Député Roy Reding au sujet de l'avenir du site de production du groupe Liberty Steel à Dudelange**

D'Kommissioun huet am Kader vun hire legalen Attributioune gehandelt, déi keen ausdrécklecht "Matdroen" vun esou enger Decisioun duerch d'Regierung virgesinn.

Zanter dem Ufank vun den Diskussiounen ëm d'Reprise vum italienesche Stolproduzent ILVA duerch ArcelorMittal, hat d'Lëtzebuerger Regierung dofir plaidéiert déi Transaktioun als kompatibel mat den existéierende Konkurrenzreegelen ze gesinn, well doduerch keng Konzentratioun um EU-Stolmarché géing entstoen. Dat huet den deemolege Wirtschaftsminister och an engem Bréifwiessel mat der EU-Kommissärin vun der Konkurrenz, Margarethe Vestager, ënnerstrach. Eng Rei bilateral Reunioune mat der EU-Kommissioun hunn deemools op allen Niveaue stattfonnt. D'Kommissioun huet trotzdeem insistéiert, dass ArcelorMittal sech vun enger Rei Stolwierker trenne muss fir d'Transaktioun kënnen duerchzeféieren.

De Sujet gouf och eng Rei Kéiere vum Wirtschaftsminister op de Reunioune vum Conseil "Compétitivité" opgeworf an ass vum Wirtschaftsminister a sengem Gespréich mam Kommissär Thierry Breton de 27 Mee 2021 thematiséiert ginn.

Der Regierung hier Prioritéiten am Dossier Liberty Steel Diddeleng sinn de Moment fir kuerz-mëttel- a laangfristeg d'Perennitéit vun den industriellen Aktivitéiten um Site ze erhalen, an doduerch och d'Aarbechtsplaze vun deene betraffene Leit.

Fir op déi läscht Fro vum Deputéierten ze äntweren, déi national Gesetzgebung gesäit keng Verstaatlechung vu private Betriber an dësem Kontext vir.